1-2019-O-J-5769-01 (n°3168)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Depot :
Jeff Engelen

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2020

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest,

- datt d'Landwirtschaft staark vun der Corona-Pandemie getraff gouf,
- datt kaum ee Bauer d'Ënnerstëtzung vu 5000 Euro kritt huet,
- datt d'Baueren, wat d'Mëllech- an d'Fleeschpräisser uginn, staark ënner Drock stinn,
- datt d'Baueren an d'Wënzer an enger alarmanter Situatioun sinn, well d'Aiden, déi si am Kader vun der Corona-Kris kréien, Hëllefsleeschtunge sinn, déi d'Bauere souwisou zegutt hunn,
- datt Lëtzebuerg am Fall vun enger Kris – esou wéi et sech an där aktueller Corona-Pandemie leider weist – net déi néideg Autarkie am landwirtschaftleche Beräich huet, fir kënnen ouni Hëllef vu baussen d'Bevëlkerung mat genuch héichwäertege Liewensmëttel ze versuergen.

ass sech bewosst,

- datt eis Baueren a Wënzer nieft deenen decidéierte Mesuren, zousätzlech Hëllefe brauchen, fir kënne weider ze funktionéieren,
- datt eis Baueren den Haapt-Ernärer vun der Natioun sinn,
- datt et essentiell ass, datt Lëtzebuerg am Fall vun enger akuter Kris, wou d'Versuergungsweeër mat Liewensmëttel aus dem Ausland géifen zesummebriechen, seng Bevëlkerung weiderhi ka mat genuch an héichwäertege Liewensmëttel versuergen,
- datt d'Bio-Landwirtschaft manner héich Erträg liwwere kann, ewéi déi konventionell Landwirtschaft.

fuerdert d'Regierung op,

- de betraffenen Acteuren aus dem landwirtschaftleche Beräich nieft deenen decidéierte Mesuren zousätzlech Hëllefe séier an onkompliziéiert zoukommen ze loossen
- sech no der Corona-Kris mat de betraffenen Acteuren aus dem landwirtschaftleche Beräich ze beroden, fir déi néideg Léieren aus dëser Pandemie ze zéien,
- net, wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, op den ideologesche Wee ze goen, fir an Zukunft d'Baueren ëmmer méi ze forcéieren, fir hire Betrib op Bio ëmzestelle, mee fir de Baueren e wierkleche Choix ze loosse wéi si hire Betrib wëlle féieren a wat si wëllen ubauen,

- sech kloer zu der konventioneller Landwirtschaft ze bekennen, déi d'Versuergung vum Land mat héichwäertege Liewensmëttel sécherstellt,
- e Masterplang op d'Been ze stellen, deen all néideg Mesuren definéiert, fir eis Baueren an der Produktioun vun héichwäertege Liewensmëttel ze ënnerstëtzen, fir datt Lëtzebuerg, wat d'Ernierung ugeet, méiglechst autark funktionéiere kann.

Jeff Engelen

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg